

MyGuichet.lu

# Maach et online

## **Eng eenzeg Adress** fir meng **administrativ Demarchen** zu privaten Zwecker

**+einfach +séier +agreabel +sécher**

Guichet.lu

# Firwat MyGuichet.lu

# ?

Iwwer de Portal Guichet.lu fënnt ee bei **MyGuichet.lu** op enger eenzeger Plaz eng grouss Auswiel vun online Servicer vum Lëtzebuerger Staat.

Dës Plattform, déi sech gradesou un d'Bierger wéi un d'Entreprisë riicht, erméiglecht Iech den Zougang zu ganz villen administrativen Demarchen. Dank **MyGuichet.lu** kënnt Dir online e Formulaire ausfëllen, en elektronesch ënnerschreiwen, eventuell Beleeger bäileeën an en un déi kompetent Administratioun weiderschécken.

Mee dat ass net alles! Vun Ären Donnéeën, déi d'Administratioune vun Iech repertoriéiert hunn, kënnt Dir gewëssener och iwwer **MyGuichet.lu** ofruffen, se iwwerpréiwen an se am Fall vun engem Iertum änneren, oder Dir kënnt Iech an Ärem perséinlechen, zu 100% gesécherte Beräich offiziell Dokumenter ufroen an erausdrécken (eDelivery).

**Dëst alles, ouni misse virun d'Dier ze goen!**

## E PUER BEISPILLER VU SERVICER

- Säin Detail vum Remboursement vun der Krankekeess gewuer ginn
- Eng Bourse am Kader vun engem Héichschoulstudium ufroen
- Sech e Certificat de résidence erausdrécken
- Seng Steieren iwwer en Décompte annuel regulariséieren
- En Extrait aus dem Casier judiciaire ufroen
- D'Kannergeld ufroen

Net-Residente kënnen hir Donnéeën, déi am nationale Regëster vun de physesche Persoune stinn, iwwer **MyGuichet.lu** à jour setzen.





# MYGUICHET.LU, E GESÉCHERTE BERÄICH

# ABLÉCK AN ÄR PERSÉINLECH DONNÉEËN

**MyGuichet.lu** gëtt Iech en Abléck a verschidde perséinlech Donnéeën, déi Dir bei Administratiounen hannerluecht hutt, wéi Ären zivillе Stand oder Informatiounen, déi Äre Führerschäin oder och nach Är Gefierer betreffen.

### PERSÉINLECH DONNÉEËN

- Nationale Regëster fir physesch Persounen

### CERTIFICATEN / ATTESTATIOUNEN

- Certificat de résidence
- Aschreiwungscertificat fir eng Referenzadress
- Erweiderte Certificat de résidence

### TRANSPORT

- Punkteführerschäin
- Gefierer a Plackennummeren
- Detail vum Führerschäin

### LOGEMENT

- Kadaster
- Crédit d’impôt um Akt

### GESONDHEET / SOZIALES

- Maladie-maternité

### FRÄIZÄIT

- Sportlechen Eegnungstest

Als privaten Utilisateur kommt Dir liicht un divers Informatiounen, déi Iech selwer betreffen. Dir kënnt se ofruffen, wann Dir wëllt an, am Fall vun engem Iertum, eng Ännerung ufroen.

**Éier Dir online Är administrativ Demarchen iwwer MyGuichet.lu kënnt maachen, musst Dir eng Rei Etappen ausféieren:**

**Hutt Dir schonn eng eID-Kaart, en Token oder en anere LuxTrust-Produit?**

JO

NET

## 1

## Sech e LuxTrust-Produit oder eng eID-Kaart beschafen

Besuergt Iech e LuxTrust-Produit bei Ärer Bank oder direkt bei LuxTrust.

## 2

## LuxTrust-Aktivéierung

Mellt Äre LuxTrust-Certificat un an aktivéiert en.
www.luxtrust.lu

**Een eenzege Certificat ass gülteg fir méi Uwendungen** (Administratiounen, Bankinstitutiounen,...).

## 4

## Ariichte vun engem private Beräich

Riicht Iech e **private Beräich** op www.myguichet.lu an. Vun dësem Beräich aus kënnt Dir eng éischt Demarche an d'Weeër leeden an Är Donnéeën an Dokumenter opruffen.

## 3

## Sech umelle bei MyGuichet.lu

Authentifizéiert Iech mat Ärem LuxTrust-Certificat op www.myguichet.lu
Confirméiert d'Umeldung mat Hëllef vun der Mail, déi Dir geschéckt krut.

## Eng Fro?

Fir méi gewuer ze ginn, zéckt net, fir Iech iwwer MyGuichet.lu hëllefen ze loossen oder fir eisen **Helpdesk** op der Nummer (+352) 247 82000 ze kontaktéieren.

## ÄRE PRIVATEN A GESÉCHERTEN ONLINE BERÄICH

Zougang zu Ärem private Beräich, an deem Är administrativ Donnéeën an Dossiere stockéiert sinn, kritt Dir mat Hëllef vun enger elektronescher Identitéitskaart (eID) oder engem LuxTrust-Produit. Si authentifizéieren Iech op eng geséchert Manéier.

**Astuce:** Mam Token, deen Dir fir Är online Bankoperatioune benotzt, kënnt Dir Iech bei **MyGuichet.lu** aloggen.

Mat dëse Produite kënnt Dir och Är online Demarchen elektronesch ënnerschreiwen. Dës elektronesch Ënnerschrëft huet deeselwechte legale Wäert wéi eng handgeschriwwen Ënnerschrëft.

## ENG DEMARCHE AN D'WEEËR LEEDEN

Fir eng nei Demarche an d'Weeër ze leeden, braucht Dir Iech just op **MyGuichet.lu** anzeloggen. E Katalog weist Iech all verfügbar administrativ Demarchen. Dir kënnt eng Demarche awer och iwwer eng vun de villen Informatiounsfichen ugoen, déi et op Guichet.lu gëtt, andeems Dir an der Rubrik « Formulaires / Services en ligne » op den Assistent vu **MyGuichet.lu** klickt.

Eng Kéier gestart, begleet en Assistent Iech, Etapp fir Etapp, duerch d'Demarche, fir de Formulaire auszefëllen.


LU 0000
MyGuichet.lu
hëlleft Iech bei
Ären Demarchen!




# Wat sinn d’Virdeeler vun den online Servicer vu MyGuichet.lu fir Privatpersounen?

## ZÄIT GEWANNEN

- Begleedung duerch déi ganz Demarche, Etapp fir Etapp an ouni Zäitverloscht, dank engem dynamesche Froebou, dee sech dem Profil vum Utilisateur upasst;
- Vir-Ausfëlle vun der Demarche dank den Donnéeën, déi d'Administratiounen hunn;
- Personaliséierung vun der Lëscht vu Beleeger fir matzeschécken;
- Zougang 24 Stonnen/24 a 7 Deeg/7, onofhängeg vun den Ëffnungszäite vun der Administratioun;
- keng Noutwendegkeet méi, fir an de Guichet vun der Administratioun ze goen;
- online administrativ Dokumenter geschéckt kréien, dank der Funktioun eDelivery.

## TRANSPARENZ

- Respekt vun der Vertraulechkeet vun de perséinlechen Donnéeën an en héich gesécherten Austausch;
- direkt Identifikatioun vun der kompetenter Administratioun;
- Méiglechkeet, fir seng perséinlech Donnéeën ofzeruffen, esou wéi se bei den Administratiounen hannerluecht sinn, a fir se ze änneren;
- online Betreiung vum Dossier an Ofruffe vun den elektronesche Messagen, déi vun der Administratioun iwwer e perséinlechen Tableau de bord iwwermëttelt ginn;

**Wousst Dir dat?** Verschidden Demarchë kënnen online, mat oder ouni LuxTrust- oder eID-Authentifikatioun gemaach ginn. Dëst gëllt besonnesch am Fall vun enger Plainte beim Service vun den Droits des passagers aériens vum Ministère de l'Economie.

# ÄR ADMINISTRATIV DOKUMENTER KRÉIEN A STOCKÉIEREN

Mam Service « eDelivery » vu **MyGuichet.lu** kënnt Dir Iech gewëssen administrativ Dokumenter an elektronescher Form (« edocument ») zoukomme loossen, wéi den Detail vum Remboursement vun Ärer Krankekeess. Ass dës Funktionalitéit bis eemol aktivéiert, kritt Dir per E-Mail eng Noriicht, esoubal en neit Dokument an Ärem private Beräich vu **MyGuichet.lu** hannerluecht gouf.

Äre gesécherte Beräich erlaabt Iech ausserdeem, Är online Demarchen ze verfollegen an Är Beleeger an aner wichteg Dokumenter ze stockéieren.



**Guichet.lu**
11, rue Notre-Dame
L-2240 Luxembourg
Grand-Duché de Luxembourg
Tél. : (+352) 247-82000
www.guichet.lu
support@guichet.public.lu

**Responsabelen Editeur:**
CTIE
**Drock:**
Division Imprimées et Fournitures de bureau - CTIE
Datum: 16.02.2018

**Iwwersat vum Lëtzebuerger Online Dictionnaire**

BRO-V1-LU-demarches-privés-2018